CSV FRAKTIOUN

**Här Mars di Bartolomeo**

**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, den 26. Oktober 2017**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
27 OCT. 2017
3403

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit bieden ech Iech dës parlamentaresch Fro iwwert Assurance géint Dréchent um Gringland un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

De Landwirtschaftsministär gesäit eng Bäihëllef an der Héicht vun 65% fir eng Assurance géint Dréchent um Gringland vir. Dës Assurance gouf ufanks 2017 mat der «Vereinigten Hagel»-Versécherung aus Däitschland ausgehandelt. D'Baueren déi esou eng Assurance hun, kënnen am Fall vun enger Dréchent den Ertragsausfall bezuelt kréien.

Wéi den Här Landwirtschaftsminister weess, war dëst Fréijoer extrem dréchen an et ass dofir och bei ville Baueren zu meteorologesch bedengten Ertragsausfäll komm.

An dësem Kontext wollt ech dem Här Landwirtschaftsminister dës Froe stellen :

- Waren alleguer d'Baueren iwwer des Assurance informéiert ginn?
- Wann neen, firwat net a wéi eng Entschiedegungsméiglichkeeten hun déi Baueren, déi net hei driwwer informéiert gi waren ?

Vu que datt de Landwirtschaftsministär dess Assurance duerch eng Staatshëllef ënnerstëtzt wollt ech dem Här Landwirtschaftsminister folgend Froe stellen :

- Mëscht Regierung eng Evaluatioun vun der Assurance?
- Sinn dem Minister iergendwellech Problemer zb bei der Berechnung vu Schued, am Kader vun der Assurance bekannt?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

**Martine Hansen**

**Députéiert**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Fernand Etgen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 27 octobre 2017

Objet : Question parlementaire n° 3403 du 26.10.2017 de Madame la Députée Martine Hansen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Pour le Président,

Simone Beissel
Vice-Président de la Chambre des Députés